

Walfer, den 11. September 2019

Léif Proffen aus dem Régime Préparatoire a Cycle Inférieur,

D'MathemaTIC Team ass frou lech fir déi drëtt Oplag vum nationale MathleTIC Kapprechen-Challenge ze invitéieren! Dës Challenge gëtt lech iwver d'MathemaTIC Plattform proposéiert.

D'Challenge fënnt statt vum 8. Oktober bis den 10. Oktober 2019 fir d'Klasse vum Cycle 3, Cycle 4, Régime Préparatoire a Cycle Inférieur vum Enseignement Secondaire.



Am Kapprechen-Challenge geet et dorëms, fir Kapprechnungen ze léisen an de véier arithmeteschen Operationen an esou vill Stären a Medaile ze sammele wéi méiglech. Déi Klassen, déi am Duerchschnëtt déi meeschte Stären a Medaile pro Schüler sammeln, gewanne Porte-clés mat dem MathleTIC Maskottchen an eng Coupe fir d'Klass. All déi aner Klasse gi mat engem MathleTIC-Zertifikat belount.

All Klass ka matmaachen! D'Proffe musse sech just op www.mathematic.lu mam [IAM](#) oder [Office 365 Konto](#) umellen, [eng Klass erstellen](#) an [d'Schüler musse sech mat der Klass verbannen](#) (Klickt op d'Linke fir eng Hëllefstellung ze kréien). Et muss keng extra Klass fir d'Challenge erstallt ginn a während der Challenge wäert ee Pop-up Message lech weider Informatiounen ginn.



Fir weider Detailer oder Froen zur Umeldung vun Ärer Klass, kontaktéiert eis um 247-75249 oder iwver mathematic@script.lu.

Mat beschte Gréiss,

MathemaTIC Team